PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 25/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

A menge parlamentaresche Froen n°429, 971, 1859 hat ech mech, op Basis vun Informatiounen, déi vu Fräiwëllege beim CGDIS u mech erugedroe goufen, iwwert feelend Ausbezuelunge vun den Indemnitéite bei der Ministesch informéiert.

Op d'Fro n°971 hat d'Ministesch geäntwert, datt ee groussen Deel vun den Indemnitéite fir d'Permanencen an d'Gardë vum zweete Semester 2018 tëschent de Méint Februar an Abrëll um Kont vun de Pompjeeë gelant waren. D'Iwwerweisunge waren tëschent dem 26te Februar an dem 13te Mee 2019 gebucht ginn. D'Ministesch hat an der leschter Äntwert geschriwwen, datt op den 31te Mäerz 2020 sämtlech Indemnisatioune fir d'Joer 2019 ausbezuelt goufen.

Mir gouf awer elo erëm zougedroen, datt d'Indemnitéite fir d'Asätz aus der Period vum 1/7/2018 bis den 31/12/2019 nach ëmmer net ausbezuelt goufen an dat fir d'Fräiwëlleger a mindestens engem Zentrum hei am Land.

Fir dee nämmleschten Zenter goufen och d'Indemnitéiten fir d'Permanencen (Status 2) fir d'Period vum 1/1/2020 bis den 30/6/2020 nach net ausbezuelt.

D'Ministesch hat op meng Fro n°971 geäntwert, datt et net ausgeschloss wär, dat verschidden Indemnitéite bei enger klenger Unzuel vun Zentren eréischt méi spéit um Konto waren, doduerch, dass et um Niveau vun den Tableauen, déi hu missten ausgefëllt ginn, zu Retarde koum oder, well Fräiwëlleger falsch Kontosnummeren uginn haten. An dësem Fall gouf eis awer confirméiert, dat d'Kontosnummeren a besotem Zenter all richteg ugi gi wären.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass et méiglech, datt d'Indemnitéit fir d'Asätz fir d'Period vum 1/7/2018 - 31/12/2019 a verschiddenen Zenteren nach net bezuelt gouf? Wat kéinten d'Grënn dofir sinn?

2. Ass et méiglech, datt d'Indemnitéit fir d'Permancen (Status 2) fir d'Period vum 1/1/2020 - 30/6/2020 a verschiddenen Zenteren nach net bezuelt gouf? Wat kéinten d'Grënn dofir sinn?

3. Kann d'Ministesch wann ech gelift déi nämmlecht Oplëschtung aus der Äntwert op d'Fro n°1859 (Fro 1) fir d'Joren 2018 an 2019 reproduzéieren?

4. D'Fräiwëlleger a besotenem Zenter bekloen sech allgemeng, nieft verspéideten Ausbezuelungen, iwwert d'Ëmsetzung vun der Reform vum CGDIS, bei där si sech ausgestouss fillen. Sinn d'Responsabel vum CGDIS sech der Gefillslag vun de Fräiwëllege bewosst?

5. Wéi evaluéiert d'Ministesch d'vertikal Kommunikatioun an der Hierarchie vum CGDIS?

6. Existéiert een anonymme Feedbacksystem am CGDIS, wou Membere Kriticken oppen an éierlech un d'Direktioun kënne weiderginn an op déi d'Direktioun ëffentlech Stellung bezéihe kann? Falls nee, wär et net un der Zäit, esou ee System opzestellen?

7. An der Äntwert op d'Fro Nummer 429 hat d'Ministesch ënnerstrach, datt de Rettungsdéngscht ouni di vill Fräiwëlleger net kéint funktionéieren. D'Ministesch hat an der Äntwert och geschriwwen, datt et fir d'Regierung évident ass, déi geleeschten Aarbecht och an Zukunft beschtméiglechst ze promovéieren an ze honoréieren. Et sollt een och net vergiessen, dass grad elo wärend der Coronapandemie vill Fräiwëlleger weiderhin am Asaz fir eis Biergerinnen a Bierger waren. Wär et an dëser Legislaturperiod net un der Zäit, de Benevolat, virun allem bei de Rettungsdéngschter, besser ze honoréieren, andeems d'Primm fir d'Permanencë vun 1€/Stonn erhéicht géife ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député